

**Här Fernand Etgen**  
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, den 3. Januar 2023

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

Mëtt September 2022 war op Säite vum Ministère gesot ginn, d'Evaluiatioun vun de Kompetenzzentre wier „en cours de finalisation“.

An deem Kontext wéilt ech folgend Froen un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend riichten :

- Ass d'Evaluiatioun vun de Kompetenzzentren an der Tëschenzäit ofgeschloss?
  - Wa jo:
    - Wien huet déi Evaluiatioun duerchgefouert an op Basis vu wéi enge Krittären?
    - Wat genau ass evaluéiert ginn?
    - Wéi eng Conclusiounen gi gezunn?
    - Wéini a wem ginn déi Conclusiounen presentéiert?
  - Wann net:
    - Firwat ass déi Evaluiatioun nach net ofgeschloss?
    - Wéini ass mam Ofschloss dovun ze rechnen?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.



Martine Hansen  
Co-Fraktiounspresidentin



**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 7437 vun der honorabeler Deputéiert Martine Hansen**

D'Evaluatoun vum Dispositif de la prise en charge des élèves à besoins spécifiques ass an der Tëschenzäit ofgeschloss. D'Evaluatoun besteet insgesamt aus dräi verschiddene Voleten.

De Volet vun der Evaluatoun vun den Kompetenzzentren gouf vun Exigo SA, enger Société de conseil, déi eng zolitt Expertis an der Realisatioun vu Projeten an diverse Secteuren zu Lëtzebuerg huet, duerchgefouert.

Exigo hat dobäi den Optrag, all Kompetenzzentren sou wéi d'Agence pour la transition vers une vie autonome op déi follgend Critèren hin ze analyséieren:

- Implementatioun vun de Kompetenzzentren
- Prozesser a Fonctionnement
- Finanzen (planification budgétaire)
- Gestiou vun de Ressourcen
- Intern an extern Kommunikatioun

Déi aner zwee Voleten, notamment d'Evaluatoun vum Dispositif an senger Gesamtheit a méi spezifesch d'Evaluatoun vun der Commission nationale d'inclusion (CNI), goufe vum Service de la scolarisation des élèves à besoins spécifiques realiséiert.

D'CNI ass dobäi no follgende Critèren analyséiert ginn:

- Implementatioun nom Gesetz vun 2018 (*Loi du 20 juillet 2018 portant création de Centres de compétences en psycho-pédagogie spécialisée en faveur de l'inclusion scolaire*)
- Collaboratioun
- Kommunikatioun
- Intern Prozesser an Delaien

D'Evaluatoun vum Dispositif an senger Gesamtheit huet déi follgend Critèren an de Bléck geholl:

- Collaboratioun tëschent de verschiddene Komponente vum Dispositif
- Kommunikatioun an Comprehensiou vun dem Fonctionnement vum neien Dispositif

D'Conclusioun goufen de Membere vun der zoustänneger Chamberskommissioun den 23. Januar 2023, an den 2. Februar 2023 och enger interesséierterer Ëffentlechkeet, presentéiert.

De Rapport *Le dispositif de prise en charge des élèves à besoins spécifiques au Grand-Duché de Luxembourg - Rapport d'évaluation 2022* mat Detailler zur Methodik wéi och de Conclusioun vum der

Evaluatioun ass jidderengem zougänglech a kann ënnert folgendem Link erofgeluede ginn:  
<https://men.public.lu/fr/publications/elevés-besoins-specifiques/informations-generales/rapp-eval-2022.html>.

Lëtzebuerg, de 7. Februar 2023

De Minister fir Educatioun,  
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH